# Et gëtt Fréijoer

Et steet eng Dänn an eisem Gaart,
déi hat mäi Papp dohi gesat.
Dee schéine Bam ass lues a lues
mir ëmmer méi un d'Häerz gewues.

Wann d'Fréijoer kënnt an alles blitt,
meng Dänn nees nei gréng Spëtze kritt;
Dann ass am Gaart déi woodlech Loft
duerchsat mat frëschem Dännendoft.

An op der Dänn, bal an der Spëtzt
nees Dag fir Dag eng Märel sëtzt.
Si séngt all Fréijoer op en neis
hir Lidder, munch gefälleg Weis.

(Max Seiler, 01)